N°1897
Entrée le 05.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

An de leschte Joren hunn ëmmer méi europäesch Länner d'Benotzung vu Fale mat Colle fir Nagedéiere verbueden. Ënner anerem hunn d'Belsch, England, Wales, Island a Spuenien dës Fale komplett verbueden, wärend Irland, Schottland an Neiséiland de Verkaf verbueden hunn. Dës Entscheedunge baséieren op der Erkenntnis, datt Fale mat Collen eng besonnesch grausam Method sinn, bei där d'Déieren dacks iwwer Deeg leiden ier se un Dehydratioun oder Ënnerernärung stierwen.

D'Problematik gëtt nach méi grouss well dës Falen net selektiv sinn. Nieft de Nagedéiere ginn och geschützt Aarte wéi Igelen a Fliedermais gefaangen. A verschiddenen Nopeschlänner hunn dofir och schonn eenzel Geschäftsketten decidéiert, dës Produiten net méi ze verkafen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi ass déi aktuell legal Situatioun zu Lëtzebuerg betreffend d'Produktioun, de Verkaf an d'Benotzung vu Fale mat Colle fir Nagedéieren? Sinn dës vum Artikel 12 vum Gesetz vum 27 Juni 2018 couvréiert?

2. Wéi vill Fale mat Colle gi schätzungsweis all Joer zu Lëtzebuerg verkaf?

3. Gëtt et zu Lëtzebuerg dokumentéiert Fäll vu geschützten Aarten, déi an esou Fale gestuerwe sinn?

4. Plangt d'Regierung eng Gesetzgebung fir de Verkaf an d'Benotzung vu Fale mat Colle fir Nagedéieren ze reglementéieren oder ze verbidden?

5. Wéi eng Alternative recommandéiert d'Regierung fir eng méi human Kontroll vun Nagedéieren, besonnesch a Wunngebaier?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten